# NEWSLETTER « LËTZEBUERGER JUGENDPOMPJEEËN »



6. Juni 2020 / 36

Wäert Jugendleeder, Jugendleederinnen, Stellvertrieder, wäert Kolleegen,

Lues a lues kennt Lëtzebuerger Land nees aus dem “Lockdown” eraus, mä eist Land ass net méi ewéi virum 16. Mäerz. Et goufen an et ginn nach vill Generalversammlungen, Porte Ouverten, Jugend-Concours, Schwammmesechterschaft etc ofgesot resp. guer net organiséiert.

Och, eis wichtegst Aufgab, Jugendaarbecht, ass uerg betraff. Net eleng bei eis, mä och beim SNJ maachen si sech vill Gedanken ewéi iwwerhaapt Jugendaktivitéite ka maachen.

De Generaldirekter Paul Schroeder huet Récksprooch mam President vum JFA geholl a zesummen gouf och déi schwéier Entscheedung geholl, déi de Frank de Jugendleeder per E-mail den 13. Mee 2020 matgedeelt huet:

*No engem laangen Gespréich wat ech en Méinden Moien mam General Direkter Paul Schroeder hat sinn mir zur Konklusioun komm, dat mir sollen Jugendaktivitéiten nach bis op weiders suspendéieren an dat aus folgende groen:*

- *Kann all CIS déi vum Gesetz fir geschriwwen Moossnamen an halen wat Hygiène Moossnamen, Unzuel vun de Leit an CIS ugëtt. (Et wäert schonn schwéier ginn fir dat bei den operationellen Pompjeeën anzehalen)*
- *Wëlle mir Responsabilitéit un de Chef d’Unité Jeune Pompier ginn, fir dat kengem Jugendpompjeeë eppes geschitt, well dat wier net nëmmen fatal fir de Jugendlechen mee och fir de ganzen CIS*
- *Wann een Equippen Sportaarten all kuckt, ass et hinnen och bis elo net erlaabt vum Gesetz hir. Och wann mir kee Sportsveräin sinn, schaffen mir awer an der Équipe zesummen.*

*Ech kéint nach vill esou Argumenter esou hei op schreiwen, an gleeft mir, mir huet et och am Häerz wei gedoen, wei mir dës Decisioun hunn missen huelen am Intressie vun eise Jugendpompjeeën.*

*Ech hoffen, dass dir dat awer kënnt verstoen, well mir hunn missen eng Decisioun vir ganz Land huelen a net vir een eenzelen CIS.*

*An der Hoffnung dat mir awer geschwënn kënnen mat eisen Aktivitéiten lass leeën.*
*Hermes Frank*


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068




Mir hunn profitéiert a profitéieren nach wieder eisen Internetsite frësch ze maachen. Alleguerte Formularen a Texter mussen iwwerschafft ginn a dëst wäert bis an de Summer daueren. Besonnesch déi 12 Kapitelen fir de Jugendleeder sinn dobäi kontrolléiert ze ginn. Vill Texter mussen geleescht resp. och de CGDIS mat agebaut ginn.

Fotos Datei soll nees méi aktuell ginn a do är wichteg Jugendaarbecht no bausse weisen. Och de Kalenner soll schnellst méiglech "à jour" gesat ginn, sou dass mir och wësse wéini Kuere beim INFS (CIC I & II a FIS I) stattfannen.

MEDICO

Den 30. Abrëll huet eis och Note erreecht, dass de Medico nees ufänkt mat schaffen, nodeems och hei dee fir eng Zäit ausgesat gouf. Fir Jugendleeder war dëst wichteg:

> Bis op Weideres kennen keng Ënnersichungen vun den Jugendpompjeeën an den Zentren (Site mobile) duerchgefouert ginn. D'Jugendpompjeeën kennen awer am STP Rue Stümper ënner deene selwechten Konditiounen wéi all aner Pompjee e RDV froen an ënnersicht ginn.

Äert Team aus dem Jugendausschoss!

**MATDEELONG:**

Eng wichteg Informatioun sief awer och matgedeelt, dass mir ab dem 8. Juni 2020 nees Bestellongen (Polo, Uniformen etc) an Ugrëff huelen, sou dass des dann och schnellsten zesummen mat CGDIS verdeelt ginn. Bestellongen vun Mäerz bis Mee goufen net verschafft, mä dëst gëtt elo schnellst méiglech nogeholl.



**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen (gemäss neiem Date-Gesetz), da sot eis Bescheed.**